

# Firwat gehéiert d'Lorberkiischt net an eise Gaart?

D'**Lorberkiischt** (*Prunus laurocerasus*) ass ee sougenannten **invasive Neophyt**. Dëst si Planzen déi bei eis net eenheemesch sinn, a sech duerch hire Verbreedungsdrang negativ op eis Natur auswierken.

De Strauch kënnt ursprénglech aus Asien a bilt dicht Bestänn, déi eenheemesch Aarte verdrängt. En ass zwar och am Wanter schéi gréng an doduerch ee beléifte Siichtschutz, huet awer ënner anerem een **negativen Afloss op eis Aartevillfalt**.

## Wat si Geforen, déi vun invasive Planzen ausginn?

- Verdrängung vun heemesche Planzen
- Verloscht u Biodiversitéit
- Entstoe vun Hybriden
- Allergie-ausléisend Planzen
- Erosioun vun Uferberäicher

## Wat sinn alternativ Planze fir d'Lorberkiischt?

Du kanns dëst Joer bewosst heemesch Planzen an däi Gaart bréngen an invasiv Planze, wéi d'Lorberkiischt, evitéieren.



**Franséische Pällem**

*Taxus baccata*



**Pällem**

*Buxus sempervirens*



**Grénge Faulbam**

*Ligustrum vulgare*

## Méi Alternativen zu invasive Planzen

An der neier Publikatioun „**Invasive Neophyten und ihre Alternativen für Gärten und Anlagen**" fënns du nach weider Alternativen. D'Broschür kann op www.emwelt.lu rofgelueden oder bestallt ginn.

Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg